PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/08/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Viru kuerzem gouf de staatleche Busreseau (RGTR) komplett nei organiséiert an opgestallt. D'Ännerungen hunn zum Zil, dass den ëffentlechen Transport op der Strooss verbessert an doduerch méi attraktiv gëtt. Wéi genee den Impakt op d'Qualitéit vum Busreseau ass, wäert een an Zukunft gesinn, wann d'Passagéier um Terrain hir Meenung äusseren. Fest steet, dass bei dëser Reorganisatioun net jiddereen eppes gewanne kann, well op verschiddene Streckendeeler Linnen ëmgeluecht an op anere Plazen Arrête gestrach goufen.

Eng Kritik, déi mer zougedroe gouf, betrëfft de Busarrêt "Rouscht-Luxlait" an der Gemeng Biissen. Dëse gouf gestrach an den nächstgeléeënen Arrêt ass elo d'Haltestell "Rouscht". Wann een um Arrêt "Rouscht" rausklëmmt a bei d'Luxlait, d'Creos oder aner Betriber an d'Aktivitéitszon wëll goen, da muss een zirka zwee Kilometer zu Fouss iwwert d'Nationalstrooss "Route de Luxembourg", wou net iwwerall ee befestegten Trottoir disponibel ass, wat op enger Landstrooss zu geféierleche Situatioune féiere kann.

D'Feele vun engem Arrêt oder engem uerdentleche Gehweg oder Vëlospiste benodeelegt hei d'Leit, déi op eng douce Mobilitéit wëllen oder mussen zeréckgräifen. Dëst schued um Enn och de Betriber an de Mataarbechter op dëser Platz.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Buslinn huet fréier den Arrêt "Rouscht-Luxlait" zerwéiert?
2. Wäert de Mobilitéitsministère hei fir Verbesserunge suergen? Falls jo, wat fir Moossnahme wäerten hei geholl ginn?
3. Wéi eng Verantwortung entfält op d'Gemeng Biissen, fir d'Aktivitéitszon besser mam Duerfkär ze verbannen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député